N°3625
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg hëlt vum 9te Mee bis den 22ten November op enger Konschtausstellung zu Venedeg deel, wou eist Land ee Projet presentéiert mam prägnanten Titel "La Merde". Ee WORT-Artikel vum 27te Januar beschreift d'Konzept vun dësem Projet am Detail. De Projet gëtt vum Kulturministère ënnerstëtzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sue bezilt de Kulturministère fir dës Expositioun?
2. Wat fir Reeskäschten sinn am Kader vum dësem Projet virgesinn?
3. Wéi eng staatlech Delegatiounen wäerten op Venedeg reesen a wäert de Kulturminister och selwer dohi reesen?
4. Wäerten d'Reesen mam Fliger gemaach ginn oder setzt de Ministère hei op den Zuch a Bus?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés